Guy Rewenig

# Volleksspport

Dem Schmit kann een net trauen, seet de Wagner.
De Wagner ass e falschen Hond, seet de Schmit.
De Schmit war schonn ëmmer verdächteg, seet de Wagner.
De Wagner huet et fauschtdéck hannert den Oueren, seet de Schmit.

Dem Schmit seng Fra ass keng bong, seet de Wagner.
Dem Wagner seng Fra ass eng Gëftschlaang, seet de Schmit.
Dem Schmit seng Fra ass schonn aachtmol gelift ginn, seet de Wagner.
Dem Wagner seng Fra huet falsch Wimperen, seet de Schmit.

Dem Schmit seng Kanner hunn näischt am Kapp a bleiwen all Joer sëtzen, seet de Wagner.
Dem Wagner seng Kanner si frech wéi Gaassendreck a fueren all Mënsch iwwert de Mond, seet de Schmit.
Dem Schmit seng Kanner trëlle bis Hallefnuecht op der Strooss a stiichten eng un där anerer, seet de Wagner.
Dem Wagner seng Kanner schwänze regelméisseg d'Schoul, seet de Schmit.

Dem Schmit seng Schwéiermamm mëscht hirem Mann Gëft an d'Zopp, seet de Wagner.
Dem Wagner seng Schwéiermamm verdreift de Bréifdréier mat engem laange Bengel, seet de Schmit.
Dem Schmit seng Schwéiermamm krozelt express falsch Wierder an hirem Mann seng Käizwuerträtselen, duscht hire Kanarievull mat gliddegem Waasser, verbrennt Plastik an hirer Kachmaschinn a fiert all Joer extra op Gran Canaria an d'Vakanz, fir do all Nuecht an der Disco ze randaléieren, seet de Wagner.
Dem Wagner seng Schwéiermamm stoppt Kazendreck an der Nopesch hir Bréifkëscht, schléit mam Hummer déi hënnescht Lute vun den Autoe futti a pucht all Samschdeg Paweesteng vun der Autobunnsbréck, seet de Schmit.

De Schmit beduckst d'Steieramt a bezilt seng Rechnungen net, seet de Wagner.
De Wagner mécht stänneg blo a belitt säi Patron, seet de Schmit.
De Schmit huet keng Manéieren a behëlt sech iwwerall dernieft, seet de Wagner.
De Wagner beschäisst déi aner Leit a verzielt Schauermärercher, seet de Schmit.

---

De Guy Rewenig ass Schrëftsteller.



© Carlo Schmitz

De Schmit huet zu Péiteng um Fuesbal eng Portugisin belästegt, zu Schengen um Fuesbal eng Marokkanerin, zu Jonglënster um Fuesbal eng Serbokroatin, zu Kielen um Fuesbal eng Tirolerin an zu Walfer um Fuesbal e mannerjäregt Meedche vu Luerenzweiler, seet de Wagner.

De Wagner huet zu Bech-Maacher um Wäifest de Comptoir begladdert, zu Schwéidsbeng um Wäifest zwee Dëscher an dräi Bänken demoléiert, zu Éinen um Wäifest fënnef Këschte Riesling ëmgestouss, zu Gréiwemaacher um Wäifest zwanzeg Lampionen erofgerappt, zu Greiweldeng um Wäifest dem Saxofonist e Patt Elbling an d'Troter geschott an zu Réimech um Wäifest dem President vun der Privatwënzergenossenschaft eng Schwéngshax vum Teller stibitzt, seet de Schmit.

De Schmit huet zu Rëmeleng um Futtballsmätsch den Arbitter fäerdeggemaach a stänneg *Idiot* gebréllt, zu Hesper um Futtballsmätsch de Golkipp viséiert a stänneg *Hirni* geruff, zu Esch um Futtballsmätsch den Zenterstiermer beleidegt a stänneg *Oaschlach* gehuerelt, zu Déifferdang um Futtballsmätsch de Sécherheetsdéngscht provozéiert a stänneg eidel Béierfläschen op den Terrain gepucht, zu Ettelbréck um Futtballsmätsch d'Supporteren emmerdéiert a stänneg op de Fändel mam roude Léif gerotzt an zu Diddeleng um Futtballsmätsch den Trainer mam Hals geholl an dem Trainer sengem Assistent stänneg *Mëssgebuert* an d'Ouer gejaut, seet de Wagner.

De Wagner ass zu Waasserbëlleg ouni Mask bei de Bäcker gaang an huet op d'Kichelcher geschnuddelt, seet de Schmit.

De Schmit an de Wagner sinn hannerhälteg Gesellen, soen de Meier an de Wilwers.

De Meier an de Wilwers ginn heemlech an de Bordell, soen de Schmit an de Wagner.

De Schmit an de Wagner renne bei Rout iwwert d'Kräizung a parken all Dag um Trottoir, soen de Meier an de Wilwers.

De Meier an de Wilwers knäipen am Staatsexamen, friséieren d'Bilanze vum Ministère, péngegen hir Kollegen a verbreede Rumeuren iwwert hir Cheffen, soen de Schmit an de Wagner.

De Schmit an de Wagner an de Meier an de Wilwers hu pervers Tendenzen, soen de Michels an de Rock an den Tonteling an de Weis.

De Michels an de Rock an den Tonteling an de Weis hunn eng mat der Ratsch, soen de Schmit an de Wagner an de Meier an de Wilwers.

Mir verléiere kee Wuert méi iwwert déi Sauband, soen de Michels an de Rock an den Tonteling an de Weis.

Mir ignoréiere vun elo un dee kriminelle Veräin, soen de Schmit an de Wagner an de Meier an de Wilwers.

De Schmit an de Wagner an de Meier an de Wilwers an de Michels an de Rock an den Tonteling an de Weis sinn eng Gefor fir eis Sécherheet, soen de Rettel an de Libar an de Petry an de Kremer an den Hoffmann an de Berna an den Zuang an de Pesch.

De Rettel an de Libar an de Petry an de Kremer an den Hoffmann an de Berna an den Zuang an de Pesch musse mat alle Mëttelen iwwerwaacht ginn, soen de Schmit an de Wagner an de Meier an de Wilwers an de Michels an de Rock an de Tonteling an de Weis.

Dem Schmit sengem Brudder säi Meedchen hänkt un der Morphiumsprëtz,
dem Wagner senger Schwëster hire Bouf ass scho fir d'dräizéngt bestuet,
dem Meier sengem Grousspapp säi Garagist ass an d'Sakristei vun der Basilika agebrach,
dem Wilwers sengem Aarbechtskolleg seng Frëndin huet hirem Hond de Schwanz geknéckt,
dem Michels sengem Coiffeur säi Léiermeedchen huet hire Lover vun der Bréck gestouss,
dem Rock sengem Pingpongspartner säi Racketteverkeefer huet säin Diplom gefälscht,
dem Tonteling senger Masseuse hire Pizzabäcker ass mat dräi Holzkuelenhändlerinnen duerchgebrannt,
dem Weis senger Enkelin hire Fitnesstrainer huet säin Hobbykeller a Brand gestach, soen de Rettel an de Libar an de Petry an de Kremer an den Hoffmann an de Berna an den Zuang an de Pesch.

Kee Kommentar, soen de Schmit an de Wagner an de Meier an de Wilwers an de Michels an de Rock an den Tonteling an de Weis.

Wat Feiglingen, soen de Rettel an de Libar an de Petry an de Kremer an den Hoffmann an de Berna an den Zuang an de Pesch.

Dir kënnt eis lecken, soen de Schmit an de Wagner an de Meier an de Wilwers an de Michels an de Rock an den Tonteling an de Weis.

De Wagner ass deen Allerschlëmmsten, dräimol sou uerg wéi de Schmit, seet de Weiler.

De Schmit ass deen Allergeféierlechsten, zéngmol sou bedreelech wéi de Wagner, seet de Mores.

Ech weess net, wien de Schmit ass, seet de Wagner.

De Wagner hunn ech nach ni begéint, seet de Schmit.

Et kann ee sech net mat all Hauli ofginn, seet de Wagner.

De Wagner ass fir mech gestuerwen, seet de Schmit. ◆